Dir Dammen an Dir Hären !

Ech soen Iech villmools Merci datt Dir bei eis komm sidd. Begréissen (Politiker) Sonja Adam, Colette Mart, Isabel Wiseler, Carlo Back, Armand Drews an den Président vum Zéissenger Interesseveräin, den André Polfer.

Entschëllegt sinn : Dammen Martine Stein-Mergen, Josée Jaerling, d'Hären Ben Fayot, Marc Angel an den Gilles Hermes vum Dëschtënnis.

De Rapport d'activités vum Syndicat ass och dëst Joer gudd gefëllt.

Ewéi der Iech kënnt erënneren, huet de Comité sech d'lëscht Joer an der Generalversammlung nei forméiert. Duerno ass de Comité 4 mol zesumme komm, mir waren 2 x mat dem Me Krieps zesumme wéinst dem Reklassement vun den Terrainë vum Ban de Gasperich, mir ware beim Direkter vum Wasserwirtschaftsamt, dem Här Weidenhaupt wéinst dem Ban de Gasperich, notamment wéinst der Drosbech an der Weiherbach, mir si vun der Presse kontaktéiert gi a mir hunn der Voix du Luxembourg an RTL dem Jacques Kapp en Interview ginn, dësen Interview ass de 24.1. mëttes iwwert d'Antenn gaangen, mir waren zesumme mat der Mme Conrady, Présidentin vun der Eltereverenegung bei der Mme Loschetter, Schäffe vun der Gemeng Lëtzebuerg an dat wéinst de Spillplazen – mir si zesumme komm mat dem Sce de l'éclairage vun der Gemeng wéinst der Erweiderung vun der Chrëschtbeliichtung an eisem Quartier a mir waren och am Ministère de l'Economie beim Här Bleser wéinst der Coditel. Mir waren zu Bouneweg ewéi de Projet Train-tram virgestallt ginn ass. Mir ware vertrueden ewéi am Theater de Plan de Développement vun der Stad Lëtzebuerg virgestallt ass ginn a mir hunn doropshin eis an e Groupe de travail "Développement urbain, Mobilitéit an Environnement" gemellt. D'Resultater aus dësem Groupe de travail sollen am Mäerz publizéiert ginn.

Mir waren eng Kéier am Comité préventif op der Gemeng wou et nach ëmmer ëm de selwechte Problem gaangen ass : Konsequenzen no dem Hearing 2004 zu Bouneweg; mir kënnen nëmme soen et ass näischt geschitt an d'Situatioun aggravéiert sech. Mir waren an de Versammlunge vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Bei dëser Geleeënheet begréissen ech häerzlech den Här Reeff, Président vun der USILL a soen him heimat villmools Merci datt hie bei eis komm ass an datt hien eis spéiderhin nach iwwert déi verschidden aktuell Projetën an der Stad Lëtzebuerg erziele wäert.

Mir waren och wéinst der Coditel mat dem Här Reeff an dem Président vum Interesseveräin Zéisseng bei der ULC.

Mir waren op e puer Réuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier

Den 18. November hate mir eng Soirée organiséiert mat dem Georges Calteux an den Troatterbattien déi eis e flotte Programm présentéiert hunn.

An ech freeë mech Iech haut soen ze kënnen datt déi Manifestatioun e volle Succès war, an datt mir den 10. November erëm eppes organiséiere wat Iech Freed maache soll. An zwar kommen "Millermoaler" erëm bei eis. 2004 ware si jo schonn hei am Sall an hunn déi Leit déi deemools dobäi ware voll begeeschtert mat hirer nationaler an internationaler Folklormusek. Ma dëst Joer wäerte si eis hir nei CD présentéieren déi an der Maach ass.

Ech soen Iech all esou ewéi deene Geschäftsleit déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséiere villmools Merci a wëll hei e waarmen Appel un Iech all maache fir och si ze ënnerstëtze wëll mir hunn elo nach e flotte liewege Quartier wou alles ze fannen ass wat leider net méi esou évident ass wann een nëmme bis an d'Nopeschquartierë kucke geet a wee weess ewéi et ass wa mir den Auchan op Gaasperech kréien.....

Dann hu mir och vun der Militärmusek eng Zouso kritt dat si Sonndes den 9. Dezember e Benefizconcert an der Kierch spillen dat ass deen Dag no dem Chrëschtmaart.

Mat de Veräiner hu mir eis 1x getraff fir de Manifestatiounskalänner ze préparéieren – Mir hunn d'Journée commémorative organiséiert a participéiert um Chrëschtmaart zesumme mat den anere Veräiner. Mir ware bei deene Veräiner vertrueden déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Mir ware bei de Scouten ewéi se hiren neien Home ageweit hunn. Der Amiperas hu mir op hirer Chrëschtfeier en Don iwwerreecht an dat fir hire 25ten Anniversaire.

En häerzleche Merci geet och un déi Leit a Vertrieder vun de Veräiner déi eis bei verschiddene Geleeënheeten hëllefen an wou hinne keng Méi zevill ass fir eng Hand mat unzepaken, sief et fir Infoblieder erauszedroen, d'Bréidercher ze maachen oder an der Kichen oder am Service ze hëllefen. En häerzleche Merci geet un d'Liliane an d'Marianne déi eis haut hëllefen. Ech freeë mech awer speziell fir enger Persoun Merci ze soen an dat ass Marie-Louise, dem Fränz seng Fra, hatt ass schon jorelaang ëmmer fir den Interesseveräin do an zu all Stonn hëllefsbereet an duerfir géif ech hatt biede bis erof ze komme wëll mir hunn eng Iwwerraschung fir hatt.....

Éier ech op den Detail vun eise verschiddene Korrespondenze giff eriwwergoe wëll ech awer fir d'éischt de Me Alex Krieps begréissen, a wann Dir all mat d'Accord si, giff hien eis hei iwwert den suivi vun eisem recours um T.A. informéieren.

Dann den Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen :

Mir hunn der Gemeng Propositioune gemaach fir déi nei Stroossen an eisem Quartier ze benennen, an zwar hu mir do u Museker a Komponisten d'Häre Jos Kinzé, Jules Krüger, René Mertzig a Carlo Hommel geduecht. Leider hu mir bis haut keng Äntwert kritt op eise Bréif an eis Propositiounen si och net considéréiert ginn an deem neie Quartier op der Reht. Mir hun se och drop opmierksam gemaach dat Gluckstrooss an och de Rondpoint net Glück heescht ewéi een dat op offizielle Pabeieren ëmmer erëm fënnt an och ewéi et iwwert de Radio an Tëlee gesot gëtt. Mee si si Gluck benannt no dem däitschen Opernkomponist Christoph Willibald von Gluck dee vun 1714-1787 zu Wien an an Italien gelieft huet, an duerch seng Musek Komponisten ewéi de Mozart an de Beethoven staark influenzéiert huet. (Iphigenia, Clemenza di Tito an Alceste)

Mir hunn e méi e grousse Reider gefrot a kruten dunn en 2. Klengen, dat soll nëmme fir eng Iwwergangszäit si, well et giffen an all Staddeeler nei Reideren hikommen déi méi grouss wären.

Mir hunn e Bréif vun der Gemeng kritt datt se ewéi all Joer d'Fréijorsbotz organiséieren an dat vum 12. Mäerz bis den 6. Abrëll : déi Leit déi interesséiert

sinn, kënne sech um Telefon 4796-3640 mëllen, et kënne sech awer och Gruppen uginn, fir der Gemeng bei dësen Aarbechten ze hëllefen.
Mir hunn den Interesseveräin Cents ënnerstëtzt wat Nuetsflich ubelaangt an hunn en ëffentleche Bréif mat ënnerschriwwen. Doropshi krute mir vun der LSAP eng Offer fir en Informatiounsowend ze organiséieren, de Marc Angel war jo Rapporter vun dësem Gesetz an der Chamber.

Mir hu bei der Gemeng gefrot datt d'Chrëschtbeliichtung soll erweidert ginn, dat ass och accordéiert ginn an ewéi der gesinn hutt, hu Chrëschtdag e puer Stäre méi zu Gaasperech geblénkt.

Mir hu gefrot fir, ewéi an anere Stroosse vum Quartier, an der Richard Wagnerstrooss Beem geplanzt ze kréien, do krute mer eng negativ Äntwert an zwar géif dat gekuckt ginn an enger spéiderer Phase.

D'Gemeng huet eis och gefrot fir en Inventaire vun de Spillplazen am Quartier ze maachen. Mir hunn doropshi verschidde Membere kontaktéiert déi nach Kanner an deem Alter hunn an hunn der Gemeng en detailléierten Inventaire era ginn. Mir hunn d'Material ugi wat veraltert a futti ass, Spillplaze wou muss ugeplanzt gi fir datt am Summer d'Leit am Schied kënne sëtzen asw. Mir hunn insistéiert datt de Projet "Schoulhaff" dee mat de Kanner, Enseignantën an Eltere vu Gaasperech ausgeschafft ginn ass schnellstens réaliséiert soll ginn – dat selwecht gëllt fir d'Spillplaz bei der Spillschoul. Am selwechte Kontext hu mir gefrot datt de Quartier allgemeng méi kannerfrëndlech soll gestallt ginn. Mir waren dunn op der Gemeng a mir kruten déi heiten Informatiounen : Spillplaz an der rue Lascombes soll zougemaach ginn, dat selwecht gëllt fir déi an der rue Pensis déi 2008 soll zougemaach ginn, déi an der Gaasperecherstrooss soll aménagéiert ginn an den EU-Normen ugepasst ginn, si soll 2008 vergréissert ginn an et soll en Accès gemaach ginn an dat neit Lotissement op der Reht, Spillplaz am englesche Gaart soll 2015 reaménagéiert ginn, de Pétanqueterrain soll 2007 zougemaach ginn an eng nei Plaz an der Sauerwiss fannen, do wou elo Spillplaz ass déi zougemaach gëtt wann de Projet Primär a Spillschoul realiséiert ass. Do sollte mir och informéiert ginn a matgedeelt kréie wat fir Spiller giffen installéiert ginn. Mir hunn awer bis elo nach näischt vun der Gemeng héieren, d'Utilitéit vun der klenger Plaz an der Briandstrooss soll och 2015 gekuckt ginn, 2014 soll Plaz an der Schaeferstrooss nogekuckt ginn, 2008 soll eng mise en conformité vum Terrain multisport rue Chevalier gemaach ginn. Mir hate gefrot, well jo just déi kleng Spillplaz fir d'Minibutzen um Eck Briandstrooss/Liststrooss ass, eng Spillplaz an d'Richard Wagnerstrooss ze kréie wat awer à court terme net virgesinn ass an do giff eng Décisioun geholl ginn am Kader vun engem neie Lotissement an der rue Gluck. Déi Spillplazen déi zougemaach ginn an der Pensis an an der Lascombesstrooss solle fir Gréngfläche genotzt ginn. Mir hate gefrot fir an der Richard Wagnerstrooss e Rondpoint ze kréie fir datt ee besser ka manövréieren an datt een net misst schonn op der Kräizung vun der Clemenceau Strooss ufänken hannerzech ze fueren, deemno wéivill Autoe stationnéiert sinn, och dat krute mir net autoriséiert, dat hätt net nëmmen de Leit déi do wunne mee och de Gemengechauffeure mat de Poubellen, dem Service d'Hygiène déi e puermol d'Woch no dem Wasseropfangbecken kucke kommen esou ewéi dem Streedéngscht d'Liewe méi einfach gemaach, ma nujee geplot gelieft ass och gelieft.

Mir hu Satisfactioun kritt op der Gemeng wat d'Stationnéierméiglechkeete vun de Camionen a Camionnetten ubelaangt, et besteet elo e Règlement dat seet datt si mussen op den ëffentleche Parkinge stoen. Leider huele si och do Plazen dann

eweg, eméi z.b. op der Plaz an der Gaasperecherstrooss beim Rondpoint. Et ass jo an der Lescht opgefall wéi ee Chaos dat op der Plaz ass, et si keng Parkplaze fréi, a wat maache Leit ma si sëtze sech op de Parvis bei de Profi an d'Apdikt wou et jo verbueden ass. Da besteet de Problem jo och nach ëmmer an der Sauerwiss, beim Sce Logement vun der Gemeng, do ass nieft dem Gebei en ëffentleche Parking ausgezeechent, mee do behënnere se ënnerenaner d'Leit déi an de Souterrain fuere wëllen.

Bleiwen och nach Situatiounen ze klären wou mir scho méi laang gefrot hunn z.B. eng Luucht oder e Clignoteur beim Foussgängersträifen an der Gluckstrooss an an der Plantinstrooss op der Héicht vum Fitnesszenter. Mir waarden och nach ëmmer op de Projet vun der Verengung vun der Gluckstrooss an der Entrée vu Gaasperech.

Dann zur d'Rossinistrooss an der Sauerwiss : den Daniel Reding, Member am Comité an Awunner aus der Sauerwiss gëtt Iech herno nach e puer Informatiounen zu dësem Dossier dee jo elo ofgeschloss ass awer ech betounen net mat eisem Averständnis, mir haten nach eng Kéier geschriwwen a gesot dat mir d'Léisung déi d'Gemeng fond huet net giffe gudd fannen an dat mir nach ëmmer un hirer 1ter Versioun déi si eis proposéiert hu festhalen, wa se awer gifen menge si miissten déi provisoresch Versioun definitiv machen, da solle se wéinstens dat Stéck vun der Tony Bourgstrooss zwëschen der Weimerskirch an der Rossinistrooss opmaache fir dat d'Leit net missten de ganzen Tour duerch de Quartier maachen. Domat ware se natierlech net mat d'Accord obwuel et kee gestéiert hätt, an deem Deel si keng Entréeën a keng Garagen. Well jo den Tronçon vun der Rossinistrooss elo total isoléiert ginn ass, hu mir och gefrot fir dësem Deel wat jo elo eng impasse ass en aneren Numm ze ginn.

Am Dossier vum Ban de Gasperich kann ech Iech soen datt mir vum Inneminister d'Äntwert op eis Reklamatioun kritt hunn an datt mir duerno dunn décidéiert hunn, Äre Feu vert hate mir jo schonn an de Generalversammlungen 2004 an 05 kritt, fir op den Tribunal administratif ze goen. Mir hu misse feststellen dat ongeféier 280 Reklamanten keng Äntwert vum Inneminister kritt hunn. Mir hunn och misse feststellen datt den Inneminister der Meenung ass datt Weiherbach déi jo an der Zone d'activités beim Renaultsgarage an Drosbech fléisst matériellement net giff existéieren. Doropshin hu mir Fotoe gemaach an déi an d'Waasserwiertschaftsamt an an den Environnement geschéckt. Mir kruten e RV beim Direkter vum Waasserwiertschaftsamt, dem Här Weidenhaupt dee vollt Verständnes fir eise Problem huet an deen eis confirméiert huet datt seng Verwaltung nach ëmmer net iwwert dëse Bauprojet vun der Gemeng Lëtzebuerg informéiert ginn ass.

Ma da froe mir eis och nach firwat datt elo déi zoustänneg Autoritéiten an der Gemeng e Plan de Déplacement fir d'Entreprisen op der Cloche d'Or ausschaffen, wann op der anerer Säit am Reklassement vun den Terrainën eng Megastroosseninfrastruktur virgesinn ass, ass et dann net esou wat ee méi Stroosse baut wat ee méi Autoen unzitt an da musse mir jo och nach esou vill spueren, deier Autossteier bezuelen asw. Bedenkt emol wat do op eis zou kënnt, et si elo schonn 300 Entreprise mat ongeféier 7000 Aarbechtsplazen op der Cloche, mee wann de Projet Ban de Gasperich réaliséiert ass, komme mir op mindestens 20.000 zousätzlech Aarbechtsplazen an déi Leit komme sécher alleguer mam Vëlo schaffen. Mir erstécken hei am Verkéier. An da gëtt an de leschte Wochen am Ëmweltministère esou vill vun ökologeschen Erausfuerderunge geschwat, z.B. d'Liewensqualitéit garantéieren, bekämpfe vun der schlechter Loftqualitéit, der Verkéiersiwwerlaaschtung, der Zersiedlung an

den Treibhausemissiounen. An dann hu si en neit Wuert entdeckt : Nohaltegkeet, sot Dir mir emol wann hei de Ban de Gaasperech réaliséiert ass, wou do nach Nohaltegkeet garantéiert ass, an dat net nëmmen hei mee och an den anere Quartierë vun der Stad.

Mir fannen et op allefalls cocasse datt nodeem dat jo schon Projetën all fäerdeg am Tirang leien e beng Kéier eis Politiker sech all eens sinn datt mir eis Ëmwelt an eis selwer alleguer futti maachen an do dogéint eppes muss ënnerholl ginn, mä den neie Conseil Supérieur pour le développement durable dee jo elo eréischt kuerz op d'Been gestallt ginn ass an deen esou kritesch Urteeler soll ofginn an deen och e Budget huet fir weider nach Étuden ze maachen ewéi dat annoncéiert ginn ass an der Press, dee wäert eis jo elo nach retten. Bléift nach ze soen datt mir och schrëftlech vum Mouvement écologique matgedeelt kruten datt si net négativ zou dem Projet "Ban de Gaasperech" agestallt sinn, do kann een nëmme soen "sans Commentaire", dobäi betoune se awer ëmmer erëm datt se géint nei gréisser Stroosseprojetë sinn..... Wat mir op alle Fall sécher wëssen dat ass datt all déi Belaaschtungen zu Emweltschied féieren an eiser Gesondheet schueden. Also droen d'Politiker jo och eng Responsabilitéit duerfir. Et brauch ee jo och nëmmen am Rapport d'activités vum Environnement ze bliederen, da gesäit een datt et guer net esou roseg an der Stad hei fir eis ausgesäit. Wat den Auchan ubelaangt hun mir eis nëmme geäussert wat de Choix vum Site ubelaangt, bei 870 ha déi ze bebaue si, hun se nëmmen dee Site deen op der intersektioun vum Bd Cloche d'Or oder bd de Gaasperech ewéi en neierdéngs heescht fond, méi brauch een do net ze soen, dobäi ass et jo awer nach net ganz definitiv dat de bd gebaut göt, et muss emol e Gesetz gemaach gi, mee Haaptsaach den Auchan huet seng Autorisatioun fir sech op der Cloche ze installéieren.... Vläicht hun mir e bëssche Chance um Tribunal administrativ a wie weess, da misst de Projet laut dem neie Gesetz traitéiert gi an do miisste jo awer déi Autoritéiten déi elo an der Gemeng mat an der Majoritéit sin Faarf bekennen.

Nodeem dat mir erëm am Ministère de l'Économie an der Affaire Coditel reklaméiert hunn, hu mir e Rendezvous kritt beim Här Bleser. Vum point de vue "Konkurrenz" ass anscheinend net vill ze machen. De Ball leit éischter bei der ULC krute mir gesot, da wär den Institut de régulation jo och nach betraff, an d'Gemeng Lëtzebuerg, mir hu gefrot wat fir Méiglechkeeten d'Post hätt. Dunn hu mir jo e Flyer eraus gi fir d'Leit op déi verschidden Offere vun der Coditel opmierksam ze maachen. Mir waren duerno mat dem Här Reeff vun der Usill an dem Président vum Zéissenger Interesseveräin, dem André Polfer bei d'ULC, déi hunn eis gesot datt si jo eng Plainte déposéiert hate wat d'Clause abusiven an de Kontrakter vun der Coditel ubelaangen, e Jugement zu hire Gonschten ausgesprach ginn ass an datt dat Jugement elo am Appel confirméiert ginn ass. D'ULC huet awer gemengt datt wann Coditel vum analoge System op deen digitale System ganz eriwwer geet datt si dann all d'Kontrakter misste kënnegen. Bis elo gi et awer net vill aner Méiglechkeeten ausser d'Parabolantennen. D'Gemeng Lëtzebuerg hat och den Dossier Coditel op hirem OJ, vläicht kann d'Mme Adam eis doriwwer nach weider Informatioune ginn.

Den IVG hat jo 2005 scho bei de verschiddene Parteie kritiséiert datt d'Rapportë vun de Sitzungen, den Analyteschen also esou spéit erauskommen, ausserdeem hu mir d'Publikatioun vun de Rapportë vun de Commissioune gefrot esou ewéi déi komplett Publikatioun vum Ordre du jour vum Schäfferot. Leider hu mir och do keng Satisfactioun kritt bis elo.....an et gesäit och net esou aus ewéi wann eppes sech giff änneren et geet éischter an déi aner Richtung.

Nodeem datt de Gemengerot eng Modifikatioun vum PAP Sauerwiss provisoresch votéiert hat, hu mir beim zoustännege Service e puermol gefrot fir d'Piècen ze kréien dat eis verwiert ginn ass a mir krute gesot mir misste schreiwen, wat mir awer net gemaach hunn, ewell mir wollte jo net dogéint reklaméieren, mee mir wollten déi Piècen an eis Archive leeën, et geet ënneranerem och ëm d'Implantatioun vun engem Foyer fir Alzheimerkranker. Dun nom Vote définitif krute mir vum Här Buergermeeschter schrëftlech matgedeelt datt Décisioun giff während 15 Deeg d.h. vum 27.11. – 11.12. aushänken an datt si bei den Inneminister fir Approbatioun geschéckt gi wär. No dëser Approbatioun giffen mir d'Pläng geschéckt kréien. Dee Bréif vum Buergermeeschter ass vum 24.11. datéiert. Do kann ee sech awer emol e puer Froe stellen.

Mir begréissen Dialogfreedegkeet vum Schäfferot an datt hien de Bierger dënschtes mueres empfänkt, mir hunn domat kee Problem, mä mir giffen et begréisse wann d'Syndikater giffen iwwert déi Problemer déi de ganze Quartier uginn e Feedback krieten, soss am aneren Fall froe mir eis wat de Roll vum Syndikat nach ass. Och vun der Iddee vun der Gemeng Stadtteilbeiräte an d'Liewen zeruffen ewéi dat am Ausland ass hu mir näischt méi héieren.

Sou, dat wär et fir mäin Deel. Ech soen Iech Merci datt Dir mir esou laang nogelauschtert hutt a ginn dem Daniel Reding d'Wuert fir eis déi verschidden Explicatiounen zu der Rossinistrooss ze ginn.

Jacquie Lakaff